LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3312 vum 9. Dezember 2025 vun den éierbaren Deputéierten Sven Clement a Marc Goergen iwwer « Schanklizenzen »

1. Wéi vill Transferte vu Schanklizenze vun engem Gebai op en anert goufen an de leschte 5 Joer (opgeschlësselt pro Joer) bei der Douane enregistréiert?

| Joer | Unzuel |
|---|---|
| 2021 | 80 |
| 2022 | 121 |
| 2023 | 101 |
| 2024 | 118 |
| 2025 (bis 10. Dezember) | 107 |

2. Wéi vill Schanklizenze sinn aktuell mat enger "Dispense" vun der Notzungspflicht beluecht, a wéi huet sech dës Zuel iwwer déi lescht 5 Joer entwéckelt?

| Joer | Unzuel |
|---|---|
| 2021 | 423 |
| 2022 | 447 |
| 2023 | 443 |
| 2024 | 479 |
| 2025 (bis 10. Dezember) | 474 |

3. Wéi vill Schanklizenze sinn an de leschte 5 Joer **definitiv verfall, well se weder genotzt goufen nach eng** Dispens accordéiert kruten?

53 Schanklizenze sinn an de leschte 5 Joer definitiv verfall.

Doran enthalen si Lizenzen, fir déi eng Dispens accordéiert gouf, mä déi verfall sinn, well se net virum Auslafe vun der Dispens genotzt goufen.

**4. Huet de Ministère Kenntnis vun der am Artikel beschriwwener Praxis vu "Rochaden", wou Lizenzen nëmmen** transferéiert ginn, **fi**r de gesetzleche Verfall ze ëmgoen, a gedenkt de Minister Mesuren ze ergräifen, **fi**r dës Praxis ze ënnerbannen?

Den Transfert vun enger Lizenz vum Typ „privilège" op eng aner Adress, ewéi am Artikel beschriwwen, ass nom Gesetz nëmmen am ganz spezifesche Fall erlabt, wou e Gebäi mat esou engem Privileg, fir de Besoin vum ëffentlechen Interessi muss ofgerapt ginn.

5. Wéi vill Lizenzen, déi aktuell gëlteg sinn, sinn am Besëtz vu Brauereien oder Brauerei-Gruppen (direkt oder **iwwer Duechtergesellschaften), a wéi héich ass dësen Undeel am Verglach zur Gesamtzuel vun de Lizenzen?**

Insgesamt ginn et, leschten Zuelen vun der Douanesverwaltung no, 3.304 Schanklizenzen zu Lëtzebuerg.

Dovunner gehéieren 1.205 Schanklizenzen, also ronn 37%, verschiddene Brauereien oder Brauerei-Gruppen.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth